# WOUSST DIR SCHONN ?
# *LE SAVIEZ-VOUS*



## D'Seeche vum ënnerierdesche Gank um Kuelebierg

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

## *La légende du passage souterrain du Kahlenberg*

*Un article de la commission de la culture de Beckerich*





Iwwert d'Kapell um Kuelebierg zu Biekerech, och bekannt als "Jobskapell" oder "Helleg Kräiz-Kapell", deren Ursprung bis an d'Mëttelalter zeréckgeet, ginn et eng ganz Partie spannend Soen.[1] Déi eng baséieren op historesch beluechte Fakten, anerer si mat den Hoer erbäigezunn. An dach faszinéiert dës Kapell, déi zënter dem 20. Mäerz 2019 als nationaalt Monument klasséiert ass, jonk an al.

Ass et net och d'idyllesch a friddlech Lag vun der Kapell, déi verschidde kreativ Erzielunge generéiert oder sou munch Fantasie befligelt?

Sou gëtt et tatsächlech déi ominéis Seeche, dass et en ënnerierdesche Gank géif ginn, deen d'Schlass vu Giisch mat der Kapell um Kuelebierg soll verbannen.

Laut der Erzielung soll de Ritter vu Giisch versprach hunn, dass wann e gesond vum Kräizzuch zeréckkënnt, hien sech dem Bau vun enger neier Kapell um Kuelebierg widme géif.




*La chapelle du Kahlenberg à Beckerich, également connue sous le nom de chapelle "Saint Job" ou "chapelle de la Sainte-Croix", dont l'histoire remonte au Moyen Âge, est entourée de nombreuses légendes fascinantes.[1] Certaines reposent sur des faits historiques avérés, tandis que d'autres ont été alimentées par l'imagination au fil du temps. Or, la chapelle, classée monument national depuis le 20 mars 2019, ne cesse d'émerveiller tant les jeunes que les adultes.*

*N'est-ce pas la sérénité de son emplacement idyllique qui suscite tant d'histoires fascinantes et nourrit tant d'imaginations ?*

*Il existe en effet cette rumeur mystérieuse selon laquelle un passage souterrain relierait le château de Guirsch à la chapelle du Kahlenberg.*

*Selon la légende, le chevalier de Guirsch aurait promis que, s'il revenait sain et sauf de la croisade, il se consacrerait à la construction d'une nouvelle chapelle sur le Kahlenberg.*

[1] Bosseler, Nic, 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, Krippler & Cie, S. 127-136

Dat genannte Bauvirgoen sollt op d'mannst zum klengen Deel dem haitege Chouer vun der Kapell entspriechen.[2] Nieft dem Bau vun der Kapell soll och e ronn 3 Kilometer laangen ënnerierdesch Gank bis an d'Schlass vu Giisch entstane sinn. [3] Dëse Gank, an deem et och sollt zu geheimen Treffe mat der Herrschaft vu Giisch komm sinn, bleift bis haut d'Resultat vun enger Erzielung.

Fakt ass, dass dat aktuellt Schlass vu Giisch tëscht 1749 an 1763 soll erbaut ginn sinn, allerdings misst de Verbindungsgank, laut der Erzielung däitlech méi al sinn. Dovun ofgesin, dass de Kuelebierg respektiv d'Kappell keng Bewandnis zur Herrschaft vu Giisch hat, freet een sech, ob et iwwerhaapt technesch méiglech war, zu där Zäit esou eng ënnerierdesch Verbindung ëmzesetzen.[4]



Trotz all deem ginn et, faktesch gesinn, am Keller vum Schlass ënnerierdesch Gäng. Bei deenen handelt et sech, wéi dat oft bei Schlässer oder Buergen de Fall war, mat grousser Warscheinlechkeet ëm Fluchtweeër, Schutzraim oder Stoppen. Verschidde rezent Informatioune soen, dass dës Zougäng am Keller vum Schlass zougemauert goufen an net méi accessibel sinn.

Et kann awer och net ausgeschloss ginn, dass et sech bei der Seechen ëm e Gank handelt, deen net an dat aktuell, mee éischter an dat fréiert Schlass vu Giisch gefouert huet. Dëst éischt Schlass, dat no den Aussoe vum fréiere Baron vu Giisch ëm 1453 komplett zerstéiert gouf, an dat duerch de Charles le Téméraire, Herzog vu Bourgogne, stoung ongeféier do, wou haut och dat aktuellt Schlass steet. Eng Verbindung tëscht dem fréieren oder aktuelle Schlass an der Kapell um Kuelebierg ass deemno net auszeschléissen.





Fakt ass och, dass aus dem Manuskript vum Här Andreas Clemens, dee vun 1901 bis 1908 Paschtouer zu Biekerech war, ervirgeet, dass sech ënnert der Kapell um Kuelebierg eng Zort Huelraum, Gank oder Raimlechkeet soll befanne. Weider schreift hien, dass sech

*D'après la légende, ce projet de construction aurait donné naissance, au moins en partie, au chœur actuel de la chapelle.[2] En outre, un passage souterrain d'environ trois kilomètres aurait été creusé jusqu'au château de Guirsch.[3] Ce tunnel, où se seraient déroulées des rencontres secrètes avec la noblesse de Guirsch, demeure à ce jour une simple histoire transmise au fil du temps.*

*Il est certain que l'actuel château de Guirsch a été construit entre 1749 et 1763. Toutefois, selon la légende, le passage souterrain serait bien plus ancien. De plus, étant donné l'absence de lien direct entre la chapelle du Kahlenberg et la seigneurie de Guirsch, il est légitime de se demander quel intérêt aurait pu justifier la construction d'un tel passage souterrain à cette époque.[4]*

*Malgré tout, il existe bel et bien des passages souterrains dans les caves du château. Comme c'était souvent le cas dans les châteaux ou les forteresses, il s'agirait très probablement de voies d'évasion, d'abris ou de cachettes. Selon certaines informations récentes, ces accès auraient été murés dans les caves du château et ne seraient plus accessibles.*

*Il est également possible que la légende fasse référence à un passage souterrain menant non pas au château actuel, mais à l'ancien château de Guirsch. Cet ancien château, selon les dires de l'ancien baron de Guirsch, aurait été complètement détruit vers 1453 par Charles le Téméraire, duc de Bourgogne. Il se trouvait à peu près à l'emplacement de l'actuel château. Ainsi, une connexion entre l'ancien ou le château actuel et la chapelle du Kahlenberg ne peut en effet pas être écartée.*

*Il est également avéré, d'après le manuscrit de M. Andreas Clemens, curé de Beckerich de 1901 à 1908, qu'il existerait sous la chapelle du Kahlenberg une sorte de cavité, de tunnel ou de pièce secrète. Il mentionne également que la jeunesse de Beckerich se cachait souvent dans cet endroit et qu'en raison de sécurité, l'entrée, qui se situait à côté des deux tilleuls, aurait été remblayée.*

[2] Beckerich am Fuße des Kahlbergs, Artikel aus der Revue vum 29. August 1953, S. 6
[3] Bosseler, Nic, 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, Krippler & Cie, S. 125
[4] Sensation auf dem Kahlenberg", Artikel aus der Revue vum 25. September 1976, S. 35


deemools d'Biekerecher Jugend do oft verstoppt hat an dass aus Sécherheetsgrënn den Agang, den sech an der Verdéiwung säitlech vun zwou Lannen soll befannen hunn, zougeschott gouf.

Och den Här Eugen Medinger, dee vun 1911 bis 1921 Paschtouer zu Uewerpallen war, schreift a senger Erzielung "Stürmische Tage", dass d'Biekerecher schonns wärend dem 30-järege Krich sech an dësen ënnerierdesche Raim ënnert der Kapell verstoppt hunn.[5] Ob et sech bei dëse genannte Raim ëm den Zougang zum geheime Gank an d'Giischer Schlass handelt, bleift trotzdeem onkloer.

Et kéint sech och ëm eng Zort Krypta gehandelten hunn. Deemno kéinten déi genannte Raimlechkeeten och als Graf ënnert der Kapell gedéngt hunn. Oft goufe Kryptae fir d'Erbauer vu Kierchen oder Kapellen ugeluecht. Heefeg goufen awer och Kierchen oder, an eisem Fall, Kapellen op Plaze vu Griewer oder Kryptae gebaut.

Et kéint sech bei den ënnerierdesche Raimlechkeeten ënnert der Kapell, wann se dann existéiert hunn, och ëm befestegt Iwwerreschter aus der Réimerzäit handelen.

Bis op déi verschidden ernimmten Elementer existéiere keng weider konkret Hiweiser, déi d' Erzielung vum geheime Gank bis an d'Schlass zu Giisch bestätegen. Sou déngt dës Erzielung bis dato als Mythos an erënnert eis virun allem drun, wéi spannend a räich eis lokal Geschicht ass.


220

Capella ad Sanctum Crucem in Kahlenberg. An
der Kapelle wurde, wie man sich bei näherer Be-
sichtigung überzeugen kann, dreimal gebaut.
Zuerst das Chor, dann die „Sakristei" und zuletzt
das Schiff mit den zwei Seitenaltären (1671).
Bis zur Zeit der französischen Revolution be-
fand sich in dem Thürmchen ein Glöcklein,
dessen silberheller Ton Stundenweit gehört wur-
de. Die Revolutionsmänner raubten das traute
Glöcklein, wie sie ja auch an den steiner-
nen Stationen wüteten u. die Marieneiche
am Fusse des Kahlenberges verschwinden machten.
Die Tradition berichtet ferner allgemein, unter
der Kapelle sei ein hohler Raum. Die ältesten
u. glaubwürdigsten Männer der Pfarrei berich-
ten, wie sie als Schulknaben in diesen Raum
eingedrungen u. dort spielten, wie dann aber
vor langen Jahren der Eingang, um ein et-
waiges Unglück zu verhüten, verschüttet
wurde. Der Eingang befand sich in der Ver-
tiefung diesseits der zwei Linden. Ob der
hohle Raum etwa die Grabstätte des Erbau-
ers der Kapelle war?
221.

*Il est également rapporté que M. Eugen Medinger, qui fut curé de Oberpallen de 1911 à 1921, écrit dans son récit "Stürmische Tage" que les habitants de Beckerich se cachaient déjà dans ces cavités souterraines sous la chapelle pendant la guerre de Trente Ans.[5] Toutefois, il reste incertain si ces espaces mentionnés correspondent à l'accès au passage secret menant au château de Guirsch.*

*Il pourrait également s'agir d'une sorte de crypte. Ainsi, ces espaces souterrains auraient pu servir de tombeau sous la chapelle. Les cryptes étaient souvent aménagées pour les fondateurs des églises ou chapelles. Il était également fréquent que des églises ou, dans notre cas, des chapelles soient construites sur des sites de tombes ou de cryptes.*

*Les espaces souterrains sous la chapelle, s'ils ont existé, pourraient aussi être des vestiges fortifiés datant de l'époque romaine.*

*À part les éléments mentionnés, il n'existe pas d'autres indices concrets pour confirmer finalement avec certitude la légende du passage souterrain menant au château de Guirsch. Ainsi, cette histoire demeure, à ce jour, un mythe et nous rappelle à quel point notre histoire locale est fascinante et riche.*

Kultur-Kommissioun Biekerech

Hues du och spannend Erzielungen, Anekdote, Fotoen a Biller aus der Gemeng, déis du gäre mat eis wëlls deelen? Dann mellt dech ganz einfach bei der Kulturkommissioun vu Biekerech ënnert:

*As-tu aussi des histoires passionnantes, des anecdotes, des photos ou des images de la commune que tu aimerais partager avec nous ? N'hésite pas à contacter la commission culturelle de Beckerich à l'adresse suivante :*

→ **kulturkommissioun@beckerich.lu**

[5] Bosseler, Nic, 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, S. 126

Fotoen / *Photos*: ©Archives de la Commune de Beckerich